

Dezember 2011 N° 29



Fäschber
Gemeengeblatt



Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mitarbeiter: Patrick Delmarque, Marie-Louise Haas-Erpelding, Olivier Molitor, APEF, Karina & Jean-Paul Schaeffer, Gina Hermes, Luss Brosius, Michèle Scholtes, Serge Hoffmann, Edmond Haas, Mike Daems.

Druck:

Faber-Print services & solutions
Mersch

Seite 1: Neie Gemengerot
 Seite 2: Inhaltsver. & Virwuert
 Seite 3: Gemengesetzungen
 Seite 4: Wahlkampf 2011
 Seite 5: Wahlen 2011-Resultat
 Seite 6: Aweihung Maison relais
 Seite 7: Aweihung Maison relais
 Seite 8: Drëtten Alter
 Seite 9: D'Senioren am Harz
 Seite 10: Wëllint, Olivier Molitor
 Seite 11: Wëllint, Olivier Molitor
 Seite 12: Babysitter-APEF
 Seite 13: Hierschtfest
 Seite 14: Jubilaren
 Seite 15: Hämmelsmarsch
 Seite 16: Aktivitéitskalenner
 Seite 17: Aktivitéitskalenner
 Seite 18: Neit Léierpersonal
 Seite 19: Neit Léierpersonal
 Seite 20: Schouljoer 2011-2012
 Seite 21: Schouljoer 2011-2012
 Seite 22: Schouljoer 2011-2012
 Seite 23: Schouljoer 2011-2012
 Seite 24: Schouljoer 2011-2012
 Seite 25: Schouljoer 2011-2012
 Seite 26: Schouljoer 2011-2012
 Seite 27: Schouljoer 2011-2012
 Seite 28: Schouljoer 2011-2012
 Seite 29: Elterevertrierder
 Seite 30: Hobbysäit
 Seite 31: Hobbysäit
 Seite 32: Hobbysäit-Fotoen
 Seite 33: Etat Civil & Info
 Seite 34: Ausstellung Pompjeeën
 Seite 35: Kleeschen an der Schoul
 Seite 36: Wënsch 2012

Titelphoto:
 Neuer Gemeinderat
 Foto von Serge Hoffmann
 Letzte Seite:
 Foto von Frank Weyrich

Redaktiounsschluss Blat 30:
 2. Abrëll 2012

Léif Biergerinnen a Bierger,
 geschwënn ass d'Joer 2011 eriwwer, d'Feierdeeg sti virun der Dir an
 d'Wahlresultater sinn ausreichend kommentéiert ginn.

Am Numm vum Schäfferot wëll ech Iech Merci soe fir Äert Vertrauen.
 All d'Kandidaten hu Courage bewisen, andeem si sech dem Wieler gestallt
 hunn, schon alleng dat verdéngt Respekt.

Direkt no eiser Vereedegung, de 26. Oktober hu mir d'Arbecht am
 Schäfferot opgehall.

D'Préparatioun vum Budget hat absolut Prioritéit. Deen Exercice ass net
 einfach a verlaangt all Joer erëm vill Wäitsicht a Kreativitéit.

Konkret gesäit et esou aus, dass mir 2012 déi nei Quell am Langegronn
 wäerte faassen, eng Initiativ, déi de Budget mat 1.061.000 € belaauscht.

Mir investéieren 611.000 € an d'Ofwaassernetz, et sinn dat d'Konstruktions
 vum RÜB zu Schous a Préparatiounsarbechte fir déi nei Kläranlag zu
 Fëschbech.

D'Aménagement vum de Kiercheplazen zu Fëschbech (mam Ënnerstand)
 an zu Angelsbierg schloe mat 350.000 € zu Buch.
 Fir eng nei Spillplaz am Batz si 50.000 € virgesinn.

Dëst sinn e puer Chiffren, déi Iech solle weisen, wéi schwéier
 d'Réalisation vum extraordinären Dépensé ka ginn, wann den
 Iwwerschoss am ordinaire Budget bei knapp 300.000 € wäert leien.
 Duerfir kënnen mir all eis Projeten (Lokal fir d'Jugend) eréischt no an no
 ëmsetzen, dat heescht iwwer déi komplett Legislaturperiod verdeelt.

Mir wëllen awer och de Kommissioun vum der Gemeng Fëschbech konkret
 Virschléi maachen a fuedere vum hinnen Initiativen. Mir gesi si als
 représentativ Ënnerstëtzung fir de Schäffen- a Gemengerot.

Ech wënschen Iech alleguer eng frou an zefridden Zäit fir déi kommend
 Feierdeeg an alles Gutts fir dat neit Joer 2012.

Marianne Brosius-Kolber



D'Gemeng Fëschbech
 a seng Awunner
 traueren ëm
 d'Prinzessin Elisabeth



Compte rendu de la réunion du conseil communal du 8 août 2011

Présent: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Spautz, Spiewak, Trausch.

Le conseil décide à l'unanimité de prendre à l'ordre du jour le point 3 à 5.

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 10 juin 2011.

2) Est approuvée par six voix contre une la convention du 13 juin 2011 entre la commune de Larochette et les huit communes de Beaufort, Consdorf, Ermsdorf, Fischbach, Heffingen, Medernach, Nommern et Waldbillig ayant pour objet de régler la participation des huit communes au financement d'un poste d'agent multifonctionnel dans l'intérêt du Centre de Secours de et à Larochette.

3) Est décidé le déclassement de la parcelle portant le numéro cadastral 44/793, section D de Schoos de la commune de Fischbach, du domaine communal publique en domaine communal privé.

4) Est approuvé l'acte notarié no 1491/2011 du 8 août 2011 entre l'AC Fischbach et la société FMC CONSULTING Sàrl relatif à la cession des emprises du PAP « rue Beringerberg » à Angelsberg, plus précisément une place voirie inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section E d'Angelsberg, sous le numéro 133/1546 faisant 53 centiares

5) Est décidé de changer la dénomination de la maison Hames-Wolff, 13, rue de Schoos à Angelsberg en 1, rue de Glabach.

Compte rendu de la réunion du conseil communal du 13 septembre 2011

Présent: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Spautz, Spiewak, Trausch.

Le conseil décide à l'unanimité de prendre à l'ordre du jour les points supplémentaires 8 à 10. Toutes les décisions sont prises à l'unanimité des voix !

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 8 août 2011.

2) Est annulée la décision no 3 du 8 août 2011 relative au déclassement de la parcelle cadastrale 44/793, section D de Schoos (suite à une erreur procédurale).

3) Est décidé le déclassement de la parcelle portant le numéro cadastral 44/793, section D de Schoos de la commune de Fischbach, du domaine communal publique en domaine communal privé.

4) Sont votés des crédits supplémentaires au montant total de 42.500,00 EUR dans le budget ordinaire de l'exercice 2011

5) Est approuvé le plan de gestion annuel de la forêt communale de l'exercice 2012 avec des investissements au montant de 61.115,00 et des recettes au montant de 63.843,00 EUR.

6) Est décidé d'adapter les tarifs de la prime de vie chère pour 2011.

7) Est approuvé le document réglant l'occupation des postes des agents affectés à la commune pour l'année scolaire 2011/2012.

8) Est approuvé provisoirement le projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Angelsberg au lieu-dit « rue Beringerberg » et visant l'aménagement de trois terrains destinés à la construction de trois maisons unifamiliales.

9) Est voté un crédit supplémentaire dans le budget extraordinaire d'un montant de 150.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire 4/0631/2123/001 – Transformation de l'ancienne école à Schoos en Maison relais. Le montant du devis initial est toujours respecté.

10) Est décidé de ne pas annuler la décision du 8 août 2011 concernant le changement de dénomination de la maison Hames-Wolff à Angelsberg de 13, rue de Schoos en 1, rue de Glabach. La maison Hames-Wolff portera à l'avenir le no 1, rue de Glabach.



Gemengewahlen 9.10.2011

D'Kandidaten an hire Programm

De 7. an 9. September 2011 haten d'Biergerinnen an d'Bierger aus eiser Gemeng d'Méiglechkeet, sech als Kandidat fir d'Gemengewahlen 2011 anzeschreiwen. Vun dëser Méiglechkeet hate 14 Leit Gebrauch gemaach. Et waren dëst alphabetesch folgend Leit:

- Brosius Lucien**
- Brosius-Kolber Marianne**
- Daems Frank**
- Dinis Gilberto**
- Feltus Norbert**
- Frey Bärbel**
- Haas-Erpelding Marie-Louise**
- Karier Marco**
- Kraus Carlo**
- Majerus-Schmit Simone**
- Pletschet Carlo**
- Spautz Ren**
- Tholl Jean-Baptiste**
- Trausch Claude**

De Carlo Kraus an de Ren Spautz haten d'Idee, fir e gemeinsame Flyer erauszeginn. D'Kandidate sinn all kontaktéiert ginn an 11 Leit waren domadder averstanen. Leider ass awer e Grupp ofgesprongen, esou datt et dunn nach 6 Leit waren, déi zesummen hir politesch Prioritéite fir déi nächst 6 Joer zu Pabeier bruecht hunn.

Och déi aner zwou Gruppen hunn e Flyer verdeelt, esou datt mir en Hauch vu Wahlkampf an eiser Gemeng haten.

Äer Kandidaten fir d'Gemengewahlen 2011



De 7. a 9. September konnten all wahlberechtig Biergerinnen a Bierger hir Kandidatur fir d'Zesummesetzung vum neie Gemengerot fir d'Joeren 2011-2017 stellen. Vun dëser Geleéenheet hu 4 Fraen an 10 Männer Gebrauch gemaach.

Nodeems déi 14 Kandidate kontaktéiert ginn waren, hunn der 6 vun hinnen decidéiert ee gemeinsame Flyer, op deem si sech eenzel virstellen an hier Ideen a Prioritéite fir di nächst 6 Joer presentéieren, erauszéieren, erauszéieren. All Kandidat ass fir de Contenu vu senger Säit verantwortlech an engagéiert sech fir e faire Wahlkampf.

Déi Leit, déi wëlle mat engem vun dese Kandidaten perséinlech schwätzen, kënnen dat jiddéizäit maachen.

Carlo PLETSCHET SCHOOS 51 Joer 18 Joer Conseiller dovun 6 Joer Scheffen	Baptis THOLL ANGELSBURG 54 Joer 12 Joer Conseiller dovun 6 Joer Scheffen	Giulio DINIS FISCHBACH 36 Joer Comité Pompjee Eltervereengung
--	---	--



Ett ass VILL ze machen, mir paaken et un !!!

Mir dräi hun eis virgeholl,
eis mat vollem Asaatz vir Iech,
leiw Matbierger aus der Gemeng Fëschbech,
anzesetzen.

Eis gréisst Uflos stellen mir Iech helmutt knorz vir:

- Eng eegenstänneg Gemeng ze sin an ze bleiwen, d.h., **KENG FUSIION** mat eisen Nopeschgemengen, awer weider mateneen ze schaffen wéi bis elo.
- Vir eng gerecht a fair Bauenpolitik (all d'Anwanner gleich behandlen) sowéi e gezielten Wuesstum vun eiser Gemeng (eiser Jugend r'Méiglechkeet gin an eiser Gemeng eng Bauplaatz zu sozialen Präziser ze kaafen an en Hain zu bauen).
- Aus eisen eigenen Quellen, propert an gesond Drénkwaasser ze liieren
- Endlech eisen Club des Jeunes e fest Gebai, zu Verfügung stellen wou net permanent muss geplannert gin.
- Déi restlech Problemer déi op eis zoukommen, gi gerecht an zu dree, vollster Zefriddeneit bearbecht.

Mir sin op 12.10.11 an sin bereed

Zesumme mat Iech wëlle mir eis asetzen fir eng méi sozial gerecht an eng besser Gemengpolitik.

Mir zielen op aer Stemm den 09 Oktober 2011

Gemengewahlen 2011
Fëschbech



Mat Wäitsicht an d'Zukunft!



Gemengewahlen 9.10.2011

Resultat

Kandidaten:

Marianne Brosius-Kolber
 Marco Karier
 Ren Spautz
 Claude Trausch
 Simone Majerus-Schmit
 Frank Daems
 Marie-Louise Haas-Erpelding
 Carlo Kraus
 Bärbel Frey
 Luss Brosius
 Carlo Pletschette
 Gilberto Dinis
 Batty Tholl
 Norbert Feltus

Resultat:

275
 226
 218
 214
 198
 190
 170
 167
 156
 135
 123
 110
 98
 68



© Luxemburger Wort / Marc Wilwert

Neie Gemengerot:

Buergermeeschtech:

Marianne Brosius-Kolber

Scheffen:

Marco Karier
 Claude Trausch

Conseiller:

Ren Spautz
 Simone Majerus-Schmit
 Frank Daems
 Marie-Louise Haas-Erpelding



Maison relais - Kueb

Opfaangstruktur fir ne



Bei der Aweiungsfeier vun der aler, neier Maison relais „Am Kuebennascht“ fir net scolariséiert Kanner den 21. September 2011 zu Schous, waren et en etlech Éieregäscht, déi d'Buergermeeschtech, d'Marianne Brosius-Kolber konnt begrëssen.

Ënnert hinnen d'Familjeministesche, d'Madame Marie-Josée Jacobs, de Scheffen- a Gemengerot, den Députéierten, den Här Claude Adam, verschidde Buergermeeschteren aus de Nopeschgemengen, d'Präsidentin vun de Fielser Biddestëpp d'Madame Christiane Hamus, d'Madame Mélanie Schumann, Direktiounsbeoptragt vum Kuebennascht, an den Här Egide Henx, zoustännegen Architekt.



Nodeems d'Bändchen duerchgeschnidde gi war, ass et

zesummen an déi nei Raimlechkeete gaangen, déi hell a kannerfrëndlech aménagéiert sinn.

D'Marianne Brosius-Kolber ass a senger Ried op d'Entstoe vun der aler Schoul agaangen, déi ëmmerhi schonn iwwer 100 Joer um Bockel huet an elo am Respekt vun den denkmalgeschützte Maueren eng gelunge Mëschung aus al an nei enstanen ass.

Och huet et sengem Virgänger, dem Éierebuergermeeschter, den Här Charles Thilgen, Merci gesot, datt hien 2005 eng Ufro fir d'Klassifizéierung vum Gebai an d'Wee geleet huet.

De kompletten Ëmbau huet ronn 1,2 Milliounen kascht, Geld dat gutt investéiert ass, wann ee sech d'Resultat ukuckt.

D'Madame Minister, Marie-Josée Jacobs war jiddferfall voll vu Luef iwwer déi gelungen Architektur, déi Al an Nei matenee verbënnt. Och huet si d'Wichtigkeet vun esou enger Betreuungsstruktur erfir gehuewen, suergt si dach fir ee sozialen Ausgläich vun alle Kanner, behënnert esou gutt ewéi och sozial méi schwach Kanner.

D'Christiane Hamus, Präsidentin vun der Vereenegung „Fielser Biddestëpp“, déi eis Maison relais géréiert, huet an hirer Ried betount, datt si alles wärte maachen fir datt d'Kanner an enger familiärer Atmosphär zesumme sinn.



Nodeems den Abbé Marc Gilniat déi nei Betreuungsstruktur geseent huet, hunn d'Kanner mat hire Betreier verschidde Lidder virgedroen.

Zum Schluss konnt jiddferen sech mat eegenen Aen dovunner iwwerzeegen, datt hei an deenen ale Maueren zu Schous e klenge Juwel fir eis Kanner enstanen ass.

Mat engem Éierewäin am Veräinshaus op der Héicht offréiert vun der Gemeng Fëschbech, ass dës kleng Feier ausgeklungen.

Text: Ren Spautz & Fotoen: Dany Hermes



ennascht zu Schous

et scolariséiert Kanner





De Senioreveräin Gemeng Fäschbech feiert den Drëtten Alter

Den 9. Oktober 2011 huet de Comité vum Senioreveräin den Dag vum Drëtten Alter gefeiert.

No den Usproche vun der Presidentin, dem Marie-Louise Haas-Erpelding, an der Buergermeschtesch, dem Marianne Brosius-Kolber, hu mir d'Essen zervéiert kritt vum Restaurant Steinmetz.

En intressant Referat vum MEC, Service Régional à l'Egalité des Chances, gouf gehalen vun deenen zwou Dammen, Christiane Moes an Aurelia Patou.

D'Jubilare fir dëst Joer waren:

75 Joer: Flammang Marie-Anne, Heirens François, Lorang Fernand, Lorang-Kemp Nelly, Spiewak Maria, Unsen Josette

80 Joer: Bisenius Lucie, Dahm Erna an Theo, Gallo Fritz, Karier-Bück Alice, Müller-Heiderscheid Alice, Ries-Belle Anneliese

81 Joer: Kemp Mathias, Kemp-Weis Jeanny, Kies Hubert,

82 Joer: Ries-Belle Kurt, Theisen Amelie, Tholl-Dichter Marguerite, Weis-Kies Irma, Welsch Alphonse

83 Joer: Klemens-Jegen Emely, Holzmacher Margot

84 Joer: Karier Jempy, Peters-Tesias Marie

85 Joer: Fischbach Thérèse, Klemens Tun

86 Joer: Schmit-Ugen Josephine

88 Joer: Turmes Joseph

89 Joer: Miny-Reinert Marie, Pletschet-Adam Marie

90 Joer: Peters Paul

91 Joer: Erpelding-Ries Sophie

92 Joer: Lanckohr Germaine

95 Joer: Baustert Alice

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding / Foto: Dany Hermes





Senioreveräin Gemeng Fäschbech

HARZ

19. - 24. September 2011

Montag, 19. September

Abfahrt um 6.00 Uhr. Fahrt durch die Eifel - Koblenz - Gießen - Kassel nach Goslar. Übernachtung im **Sterne-Hotel „Kaiserwörth“**.

Dienstag, 20. September

Stadtrundgang durch die **Kaiserstadt Goslar**. Wir sehen den malerischen Marktplatz, die bekannte Kaiserpfalz sowie den Huldigungssaal im historischen Rathaus. In **Wöltingerode** Besichtigung des Klosterkonvents und eine kleine Führung durch die Kornbrennerei im Gewölbe der Klosterkirche, wo wir interessante Dinge erfahren über die Geschichte des Klosters, aber vor allen Dingen über die Kunst der Spirituosenherstellung, das Brennen des Destillats und die Likörzubereitung. Zum Abschluss besuchen wir noch den bekannten Kurort Bad Harzburg mit seinen sehenswerten Häusern im Stil der Bäderarchitektur.



Mittwoch, 21. September

Fahrt nach **Werningerode**, von wo aus wir mit **der nostalgischen Schmalspurbahn** auf **den legendären Brocken**, auf 1142 m fahren. Mittagessen und Aufenthalt auf dem Brocken. Anschließend Rundgang durch das wunderschöne Wernigerode.

Donnerstag, 22. September

Im Rahmen einer Führung erleben wir das UNESCO-Welterbe Quedlinburg mit über 1200 historisch renovierten Fachwerkhäusern sowie die Stiftskirche St. Servatius mit dem berühmten Domschatz.

Freitag, 23. September

In Hahnenklee kurze Besichtigung der einzigen Stab-Holzkirche Deutschlands.

Fahrt durch **Wintersportort Braunlage**, die alte Berghauptstadt Clausthal-Zellefeld mit dem Oberharzer Bergwerkzeugmuseum, Fahrt nach Osterode mit seiner alten Stadtmauer und der historischen Altstadt. Anschließend Besichtigung der **Zisterzienser-Klosterruine St. Maria + St. Martin** bei **Bad Sachsa, dem ältesten Kurort im Harz**.

Samstag, 24. September

Nach 6 Tagen im wunderschönen Harz heißt es Abschiednehmen von Goslar und die Rückfahrt nach Luxemburg anzutreten.




Wëllint

Text a Fotoen



Weibchen mat hirem Nowuess

D'Wëllint ass déi gréissten an heefegst Schwammint, déi et an Europa gëtt. Si gëtt tëschent 800 an 1400 Gramm schwéier a bis zu 58 cm laang, woubäi d'Spannwäit vun hire Flilleke bis zu 95 cm bedroe kann. Si ka bis knapp iwwert 100 Kilometer an der Stonn séier fléien a gëtt a fräier Wëldebunn bis zu 15 Joer al. Beim Opfléien vum Waasser ass de Start bal senkrecht.



Wëllint

D'Geschlechter sinn einfach ze ënnerscheiden: D'Männchen ass gro mat bronger Broscht, an de Kapp opfälleg metallesch gréng gefierft. Do derniewent huet den Untert (also dei Int) e wäissen Halsréng an e giele Schniewel. D'Schwanzspëtze sinn opgerullt (*d. Erpellocke*). D'Weibchen ass laang net sou schéi gefierft, mee onopfälleg gro-brong. De Schniewel ass méi gréngelzeg oder brong. Am späide Summer an och am Hierscht ass d'Fiederkleed vum Untert allerdéngs bal d'selwecht wei dat vum Weibche gefierft.

Inten hunn ongeféier 10.000 Daunen an Deckfiederer, déi se viru Keelt an Nätzt schützen. Um Schwanz hu si eng Bürzeldrüs, mat där hirem Fett si hiert Fiederkleed ëmmer afetten, fir datt kee Waasser duerch d'Gefidder andréngt kann. Dëst Fett gëtt mam Schniewel opgeholl a verdeelt. D'Wëllint ass eng ganz ruffreedeg Int mat allerlee verschiddene Riff.



int

vum Olivier Molitor

Si kënt praktesch op der ganzer Nordhallefkugel vir.
Si britt bis an Héichte vun 2000 Meter.

Et kann ee se bal iwverall untreffen, wou et Waasser gëtt. Si ass ganz upassungsfähig. Hir natierlech Feinden sinn haaptsächlech de Fuuss, de Wäschbier an d'Gräifvullen. Während der Brutzäit fale vill weiblech Inten de Beutegräifer zum Opfer, wouwéinst a ville Bestänn méi Männercher wéi Weibercher ze fanne sinn. Raten a Marder stibitzen sech oft d'Eeër aus dem Nascht.

Si friessen haaptsächlech Planzen (Friichten, Som, gréng Waasser- an Uferplanzen), mee och Läich, Kautzekäpp, kleng Fësch, Fräschen, Kriibsen a Wierm.

D'Weibchen sicht d'Plaz eraus, wou d'Nascht soll hikommen. Heifir gëtt einfach eng kleng Kaul an d'Gras oder op fiichten Ënnergrond gedréckt. Seelen gëtt och an engem Bam oder suguer op Gebeier gebritt.



D'Wëllint gehéiert zu der Grupp vun den Gründel Inten, d.h., sie dauchen mam Kapp ënner, schloe mat de Fülliken a kippen dann no vüir iwver


An d'Nascht ginn téschent 6 an 15 Eeër geluecht, woubäi all Dag een Ee geluecht gëtt (ab März), déi 25 bis 28 Deeg laang ausgebrutt ginn. Dei jonk Inten verlosse schonn no 6 bis 12 Stonnen hiert Nascht, a kënnen direkt schwammen. Duerch dëst Verhalen ziele si zu den Naschtflüchter (*d. Nestflüchter*).



En Untert beim bal senkrechte Start



Wëllint



Elterevereenegung

Fëschbech

APEF A.S.B.L.

NEI : Babysitterlëscht ONLI NE

D'Elterevereenegung Fëschbech stellt eng Lëscht vun de Babysitteren zur Verfügung, op déi d'Eltere speziell aus der Gemeng Fëschbech zréckgräife kënnen.

Jiddfer Babysitter, deen sech bei äis op dëser Lëscht aschreift, mécht dat op seng eegen Initiativ hin a gëtt net vun eis bezuelt. D'Elterevereenegung stellt d'Daten zur Verfügung a beméit sech, dës à jour ze halen.

Mir iwwerhuele keng Responsabilitéit fir d'Qualitéit vun de Babysitteren a maachen och keng Recommandatiounen. D'Elterevereenegung iwwerhëlt keng Responsabilitéit a soumat Haftung fir eventuell Ausernanersetzung mat den ageschriwwene Leit.

Dës Säit gëtt nëmmen als Plattform vun der Kommunikatioun tëschent intresséierten Elteren an eventuelle Babysitteren zur Verfügung gestallt.

Op eiser Internetsäit fannt Dir d'Konditiounen fir d'Aschreiwung:
www.apeffischbach.lu.



D'Aschreiwung ass gratis.





Hierschtfest

an der Angsber Schoul

E Freideg, de 14. Oktober 2011, haten d'Schoulkanner an d'Léierpersonal vun der ANGSBER SCHOUL, zesumme mat der Elterevereengung e klengt Hierschtfest am Haff hannert der Schoul organiséiert.

Vu 17.30 Auer un konnten d'Leit sech an eiser Kaffisstuff zerwéieren an de Schoulkanner hir Aarbechten ukucken. Déi Deeg virum Fest haten eis Schüler fläisseg geschafft, fir hir Produiten op de verschiddene Verkafsstänn kënnen ze présentéieren. Et gouf Gebeess, déck Nëss, Biren a Quidden, Äppel- a Bireschnëtz, Geméis- a Kürbiszopp, Äppeltäertercher a Marronscrème, Kürbismännercher an anert Gebastels. Eise Besuch konnt de selwer gepresste Viz schmaachen oder och mat heem huelen, an dat an zwou Varianten: eemol mat an eemol ouni Quiddegoût.

No engem musikaleschen Entracte vun de Schüler aus dem Cycle 1, huet d'Christiane Kirtz, d'Presidentin vum Gaart an Heem aus der Gemeng Fëschbech, de Bändchen duerchgeschnidden an op déi Aart a Weis eist Gaardenhaischen am Schoulgaart ageweit. Den Edmond Haas huet de Komiteesmembere vum Gaart an Heem villmools Merci gesot fir dee sympatheschen Don.

D'Schüler vum Cycle 3 a vum Cycle 4 hunn du musikalesch den nächsten Héichpunkt ugekënnegt. De Schoullogo vun der Angsber Schoul ass offiziell virgestallt ginn. A Präsenz vun der Grafikerin, dem Patricia Wengler vu Schous, huet de President vum Schoulkomitee d'Entstoen an d'Bedeutung vum Schoullogo beschriwwen. Et ass déi nei Visitekärtchen vun eiser Schoul an all Schüler krut e Pechbild mat dem neie Logo drop.

An esou ass eist Fest lues a lues an enger flotter Atmosphär op en Enn gaangen.

Text: Edmond Haas & Fotoen: Andrea Wagner



Jublilaren

Alice Baustert-Wolter



Mat 95 Joer ass d'Alice Baustert, deen eelste Bierger aus der Gemeng Fëschbech.

Dëst war e Grund fir de Fëschbecher Schäfferot mat der Buergermeeschtesch Marianne Brosius-Kolber an den zwee Schäffen, dem Marco Karier an den Claude Trausch, hir am Numm vun der Gemeng mat engem prächtige Blumenarrangement ze gratuléieren.

D'Alice Baustert ass säit 5 Joer am "Centre intégré pour personnes âgées" zu Miersch, wou si sech richtig wuel fillt an dëst bei beschter Gesondheet.

Gebuer ass si den 30. August 1916 zu Angelsbiërg. Aus engem éischte Bestiednes huet si zwee Kanner, Zwillingschwëstere, d'Soeur Pierre Julien an d'Marianne. Aus engem zweete Bestiednes huet si ee Bouf, de Jean, zesumme mat hirem virun annerhalwem Joer verstuerwene Mann, Mich Baustert.

Déi dräi Kanner haten sech et net huele gelooss, bei där klenger Feier am Altersheem mat derbäi ze sinn. Och den Direkter, den Här René Wirth, huet hir d'Gléckwënsch vu sengem Haus iwwerdroen.

Bei engem klenger gemeinsamer Patt ass nach déi eng oder aner Geschicht aus fréieren Zäiten zur Sprooch komm.

All déi Uwiesend hunn hir nach weider Joren a bester Gesondheet gewënscht.

Irma & Théid Dahm-Thomas

Direkt en duebelen Gebuertsdag feiere konnten den Här an d'Madame Dahm vun Angelsbiërg.

D'Madame Irma Dahm, gebueren Thomas, ass den 1. November 1931 zu Parette an der Belsch op d'Welt komm. Den Här Théid Dahm huet dës Welt den 7. Oktober 1931 zu Äischen betratt.

Bestuet sinn si den 2. August 1952 ginn. 3 Kanner sinn aus deem Bestiednes ervir gaangen, ee Jong an zwee Meederercher, déi hinnen 5 Enkelkanner geschenkt hunn.

Zäitliewens huet den Här Dahm als Schmelzaarbechter op der Hadir zu Déifferdeng geschafft, andeems seng Fra fir de Stot zoustänneg war.

Am Joer 2003 sinn si op Angelsbiërg komm a fillen sech hei och ganz wuel. Ufank November huet de Fëschbecher Schäfferot mat der Buergermeeschtesch Marianne Brosius-Kolber an hiren zwee Schäffen, dem Marco Karier an den Claude Trausch, sech et net huele geloss, dem Här an der Madame Dahm fir hir 80 Joer mat zwee schéine Blumenarrangementer ze gratuléieren.

Ugeschloss un dës klenger Feier hat sech och eent vun hire Meedercher mam Mann an hiren zwee Kanner.

A wann ee Fester feiert, da muss een elo schonn un den 2. August 2012 denken, da feieren déi zwee nämlech hir Diamantenhochzäit.





A
N
G
E
L
S
B
I
E
R
G

S
C
H
O
U
S

F
È
S
C
H
B
E
C
H

H
Ä
M
M
E
L
S
M
A
R
S
C
H

2011

Fotoen: Andrea Wagner &
Frank Weyrich



Aktivitéitska

Januar

08.01. Kaffiskränzchen	Senioreveräin	Veräinshaus
14.01. Chrëschtbeemercher sammelen	Club des Jeunes	
28.01. Generalversammlug	Club des Jeunes	Molkerei
28.01. Theaterowend	Theaterveräin	Veräinshaus
28.01. Theaternomëtteg	Theaterveräin	Veräinshaus

Februar

03.02. Theaterowend	Theaterveräin	Veräinshaus
04.02. Theaterowend	Theaterveräin	Veräinshaus
10.02. Generalversammlung	Pompjeeën	Veräinshaus
12.02. Kannerfuesbal	Pompjeeën	Veräinshaus
17.02. Hexebal	Club des Jeunes	Veräinshaus
24.02. Hierkeniessen	Senioreveräin	Veräinshaus
25.02. Buergbrennen	Maarkollefen	Fëschbech
26.02. Buergbrennen	Wichtelcher	Schous
26.02. Buergbrennen	Club des Jeunes	Angelsbiereg

Mäerz

04.03. Generalversammlung	Senioren	Veräinshaus
10.03. 50 - Joer - Feier & Generalv.	Gaart an Heem	Veräinshaus
25.03. Fréijoersbazar	ACFL	Veräinshaus
31.03. Grouss Botz	Gemeng	

Abrëll

29.04. Kannerfloumaart	APEF	Veräinshaus
------------------------	------	-------------

Mee

01.05. Meekranz a Generalvers.	Spuerveräin	Veräinshaus
01.05. Meekranz	Wichtelcher	Veräinshaus
01.05. Meekranz	Club des Jeunes	Molkerei
06.05. Eischt Kommioun	Gemeng	
12.05. Konveniat 25 Joer APEF	APEF	Veräinshaus

Juni

03.06. Mammendagsfeier	Senioreveräin an CTF	Veräinshaus
17.06. Feierfest	Pompjeeën	Veräinshaus
22.06. Te Deum	Gemeng	Gemeng
30.06. Rock op der Héicht	Kulturkommissioun	Veräinshaus



alenner 2012

Juli

05.07. Grillparty	Senioreveräin	Veräinshaus
08.07. Trëppeltour	Wiichtelcher	
13.07. Schoulfest	APEF	Angsber Schoul
15.07. Porfest	Choralen	Veräinshaus

August

13.08. Mir maachen e Wäsch	ACFL	Schous
15.08. Mir verkafen de Wäsch	ACFL	no der Mass

September

02.09. Floumaart	Senioreveräin	Veräinshaus
15.09. Grillfest	Spuerveräin	Veräinshaus
16.09. Grillfest	Spuerveräin	Veräinshaus
23.09. Randonnée	V.C. Filano	Sportshal Filano

Oktober

04.10. Pappendagsfeier	Senioreveräin	Veräinshaus
05.10. Generalversammlung	APEF	Veräinshaus
06.10. Hämmelsmarsch	Chorale Angelsbiërg	Angelsbiërg
07.10. Kiermessonndeg		Angelsbiërg
07.10. Journée du Grand Age	Senioreveräin	Veräinshaus
13.10. Bayreschen Owend	Club des Jeunes	Veräinshaus

November

17.11. Hämmelsmarsch	Chorale Fäschbech	Schous & Fäschbech
18.11. Kiermessonndeg		Schous a Fäschbech
18.11. Kiermesham	Pompjeeën	Veräinshaus
24.11. Schluechtfest	Gaart an Heem	Veräinshaus
25.11. Schluechtfest	Gaart an Heem	Veräinshaus

Dezember

05.12. Kleeschen	Club des Jeunes	Gemeng
15.12. Chrëschtbemercher ausdeelen	Club des Jeunes	Gemeng
22.12. Chrëschtfest	Theaterveräin	Veräinshaus
31.12. Sylvesterparty	Club des Jeunes	Veräinshaus

Senioreveräin

Seniorenanden freides um 17 Auer an der Filano-Sportshal ausser an de Schoulvakanzen

ACFL

Bitzen 03.01.12 - 20.03.12 & 09.10.12 - 18.12.12 all Dënsdeg Owend um 20 Auer am Veräinshaus

WIBBELWOCH (Sportsnomëtteger)

4 - 7.09. Sportshal FILANO/ Elterevereenigung Fäschbech-Fiels-Noumer



Dëst ass de sechsten Artikel an onser Serie, wou mer Iech d'Leit virstellen, déi hannert deene verschiddenen Institutionen an der Gemeng stinn, déi sech ëm d'Kanner këmmere.

Anne Bellion



Marie Even



**Mir stelle vir:
Nei Leit an der
Angsber Schoul**
Text a Fotoen: Frank Weyrich

Fro

Äntwert

Äntwert

Wou gebuer?

an der Stad

an der Stad

Wéini?

5. Abrëll 1976

27. Mée 1988

Meng Stärkten?

d'Saache vun där gudder Sait
gesinn

Organisatioun

Meng Schwächen?

net gär moies fréi opstoen

ech huele mer zevill vir

Wat gefällt mer un deenen
Aneren?

wa se gutt gelaunt sinn

oppe Leit an déi, di eng eege
Meenung hunn a se och
vertrieden

Wat gefällt mer net un deenen
Aneren?

wa se motzen oder verbruet
sinn

hannen erëm stëppelen

Meng Hobbien

Liesen, Kino a mat menge
Klengen spadséiere goen

Scouten, Club des Jeunes, Natur

Meng Musek

aus de 70er an 80er

jee no Laun, bal alles

Ech liese momentan

Tante Inge haut ab

all Bicher vum Marc Levy

Wou ech Vakanz maachen

am léifsten an der Provence

mol an de Bierger, mol um Mier,
jiddferfalls mam Scoutcamp

Wat mir besonnesch wichteg
ass

Gesondheet vu menger Famill

Frënn a Famill

Mäi gréissten Dram

wa se all gesond sinn, eng Rees
an Australien

Eng Famill ze grënnen a mat
där glécklech sinn

Meng Liewensastellung

Looss dech net ënnerkréien!

Verschiebe nicht auf morgen,

**Silvana Parisotto****Christophe Mersch****Fro****Äntwert****Äntwert**

Wou gebuer?

an der Stad

an der Stad

Wéini?

6. Mee 1959

23. Dezember 1975

Meng Stärkten?

Upassungsfähigkeit

positiv sinn, gäre laachen,
nolauschteren

Meng Schwächten?

Ech kann net „neen“ soen

ze vill nolauschteren

Wat gefällt mer un deenen
Aneren?

Jovialitéit a Kollegialitéit

de Räichtum un Diversitéit

Wat gefällt mer net un deenen
Aneren?

Näid a Jalousie

Intoleranz, Respektlosigkeit,
Onmanierlichkeit an
Egoismus

Meng Hobbien

liesen, sangen, trëppelen

Fotographie, vill liesen,
Tracking a schwammen

Meng Musek

Klassik

Acid a Funky-Jazz a Klassik,
keen neimoudesche Quatsch

Ech lise momentan

Verblendung, Verdammnis,
Vergebnis vum Stieg Larsson

Limit vum Frank Schätzing

Wou ech Vakanz maachen

Italien

gären an Irland, mee och an der
SonnWat mir besonnesch wichteg
assgutt tèschemenschlech
Bezèiungen

Respekt an Toleranz

Mäi gréissten Dram

vill klenger

datt Famill a Frënn frou a
gesond sinn, datt mer vill vun
eneen hunn

Meng Liewensastellung

d'Saache positiv gesinn

d'Liewen ass schéin



Schoulj oer



Cycle 1-Précoce

Erste Reihe von links nach rechts:

Max THEI SEN, Florence CONRAD, Lee BROSI US, Louis MAX, Marcel LÜKE

Zweite Reihe von links nach rechts:

Catalina VAN MEEL-BADEN, Eve LANNERS, Noah MARTINS, Constance CHERON, Laure DICHTER, Alessia STEI WER, Anne VAESSEN, Michelle VREHEN, Soraia RODRIGUES, Gabriel RIOS FERRAZ

Nicht auf dem Foto : Greta VALLI



2011 - 2012



Cycle 1

Stehend von links nach rechts:

Marie EVEN, Mattea VALLI, Kinai BENTO ROCHA, Jessica DE ALMEI DA, Daniel SEMBLANO, Carolina SAMPAI O DOS SANTOS, Paul CHÉRON, Sophie WAMBACH, Anne BELLION

Sitzend von links nach rechts:

Felix KOLBER, David DAMGÉ, Emma REDING, Clément DIETERLEN, Isaac ANTUNES, Luca ELSSEN, David SIJARIĆ, Ruben TEIXEIRANOVAIS



Schoulj oer



Cycle 1

Stehend von links nach rechts:

Mathis BUCHHOLTZ, Yannick GOMES, Borian TI MY, Noé TI BOLD, Sam BROSI US, Liz DEGRAUX, Francine NEUMANN

Sitzend von links nach rechts:

Julie MAX, Julie AZEVEDO, Eric DI NIS, David SEMBLANO VITAL, Anouk PÜTZ, Esteban CARRERA, Nevio MARTI NS, Veronika FERREI RA MAGALHES



2011 - 2012



Cycle 2.1

Stehend von links nach rechts:

Christophe MERSCH, Lara SANTOS, Emma KONSBRUCK, Thybo SCHOCKMEL, Max SCHOLTES, Mike WEYRI CH, Paulo GOMES TEI XEI RA, Christian BRAGANCA

Sitzend von links nach rechts:

Rayan MARTI NS MENDES, Julie DAEMS, Cindy FERNANDES, Nancy LAUER, Sarah DI CHTER, Luca SANTOS, Lee RI PPI NGER, Marie KOLBER



Schoulj oer



Cycle 2.2

Stehend von links nach rechts:

Mauro VILELA DO CARMO, Julie GORZA, Emilie ZIRNHELD, Romain DI ETERLEN, Laurie PÜTZ, Mara REDING, Julie ZIRNHELD

Sitzend von links nach rechts:

Fabio RODRIGUES TEI XEIRA, Wesley LAUER, Gilles CONRAD, Levi ANTUNES, Claudia NOVAIS TEI XEIRA, Lynn LEHNEN, Gina SCHAEFFER



2011 - 2012



Cycle 3.1

Stehend von links nach rechts:

Silvana PARI SOTTO, Joanne RODESCH, Ana Marisa GOMES TEI XEIRA, Andrée DAEMS, Ségolène VAN OOST, André COSTA MOTA, Dinis GOMES CORREI A, Mireille GARSON

Sitzend von links nach rechts:

Jacque WAGENER, Duarte FERNANDES VETO COSTA, Conny SIMON, Sophie WELKENBACH, Maya DAMI T, Anna GÖTZ, Gilles DI NI S, Yoshi WAGNER, Mathis BRUST



Schoulj oer



Cycle 3.2

Stehend von links nach rechts:

Silvana PARI SOTTO, Andrée DAEMS, Jacquie WAGENER

Sitzend von links nach rechts:

Melda DENESSEN, Vanessa SEMBLANO, Katy DA ASSUNCAO AZEVEDO, Ben HANFLAND, Alexandra VAN OOST, I nês SOARES GONCALVES, Tatiana DOS SANTOS SAMPAI O



2011 - 2012



Cycle 4.1

Stehend von links nach rechts:

Chris RODESCH, Kay BRIX, Mariko CAMES, Anne JOHANN, Carlos SOARES GONCALVES, Edmond HAAS

Sitzend von links nach rechts:

Julien BRUST, Fabio GOMES TEIXEIRA, Laurie SIMON, Laura WEYRICH, Mariana RODRIGUES TEIXEIRA, Céline CORDOBÉS



Schouljoer 2011 - 2012



Cycle 4.2

Stehend von links nach rechts:

Silvana PARI SOTTO, Luigina ZENS, Dana DROUET, Diogo REZENDE, Julien MARTIN, Ben LEHNEN, Lucie MENSEN

Sitzend von links nach rechts:

Jennifer AZEVEDO, Laura REDING, Chiara LEHNEN, Myrthe BEUGELS, Chiara KNEPPER, Jonathan ANTUNES



Wiel vun den Elterevertrieder



Edmond
Haas

Nodeems mer virun 2 Joer di éischt Wiel vun Elterevertrieder haten, déi no deem neie Schoulgesezt virgesi sinn, mat dem Schoulcomité zesummen ze schaffen, war et am Oktober un der Zäit, fir Neiwalen ofzehalen. Et ass jo sou, dass all 2 Joer nei Vertrieder musse gewielt ginn. An der Nummer 23 vum Gemengebuet 2009 hate mer dovu geschriwwen.

Am Schoul-Comité si weiderhin den Edmond Haas als Präsident, d'Catalina Baden an d'Jacquie Wagener.

D'Eltere vun de Kanner, déi an d'Angsber Schoul ginn, waren de 24. Oktober an d'Veräinshaus invitéiert, fir ze bestëmmen wivill Elterevertrieder et sollte ginn an, natierlech, fir ofzestëmmen, wien dat da sollt sinn.

Den Edmond Haas konnt dës Kéier leider net méi esou vill Eltere begréisste wéi virun 2 Joer. Deemools war wuel d'Begeeschterung an de Virwëtz fir eppes Neies méi grouss wéi elo. Sécher spillt och mat, dass dës Kéier net méi sou vill an der Presse dorueter stoung.

Am Ganze louchen dem Präsident 5 Kandidature vir. Well d'Assistenz duerno per Handzeechen décidéiert huet, datt et och 5 Vertrieder soll ginn, huet sech eng „richteg“ Wiel eriwwegt an di 5 Kandidate goufe „par acclamation“ ugeholl.

Et sinn dat: Chéron Caroline a Frey Bärbel vu Fäschbech, Pütz Jean-Marie a Brosius Luss vu Schous a Wagner Andrea vun Angelsbiereg.

Duerno huet d'Gemeng den Éirewäin offréiert.

Text: Frank Weyrich / Fotoen: Ren Spautz



Luss
Brosius



Caroline
Chéron



Bärbel
Frey



Jean-Marie
Pütz



Andrea
Wagner



Hobby-Säit Karina Schaeffer vu Fëschbech

Sollte mer net dee Sproch "si sinn op den Hond komm" esou huerteg ewéi méiglech an engem positive Liicht gesinn, mir giffen domadder dem beschte Frënd vum Mensch, dem Hond, éier gerecht ginn.

D'Famill Jean-Claude a Karina Schaeffer mat hire Kanner, dem Gina, Elena an dem Laura, sinn esou Leit, déi op den Hond komm sinn.


Ugefaangen huet et mat der Weimaraner-Damm, dem Laika. D'Laika war eng Erausfuerderung fir si. Näischt war virun him sécher a bis hatt den Alter vun 2 Joer hat, hate sech esou munch Géigestänn an hirem Haus verännert, eben à la Laika. Mä mat konsequenter Erzéiung kritt een alles an de Grëff an esou kouw schnell de Wonsch bei hinnen op, en zweeten Hond an hiert Heem ze huelen.



Si hu Fachliteratur gewälzt, bis se op den Rhodesian Ridgeback gestouss sinn, eng Rass, déi se bis dohinner net kannt hunn.

De Rhodesian Ridgeback huet seng Heemecht a Südafrika, säi Charakter kann een als roueg an ausgeglach bezeichnen. Et ass e sportlechen Hond, dee gefuedert muss ginn, fir him gerecht ze ginn. Mécht een dat, sou huet een ee Familljenhond par excellence. De Ridgeback kritt eng Schëllerhéicht vun 69 cm (Ritt) a 66 cm bei der Mudder, also duerchaus kee klengen Hond.

Ma loosse mer elo d'Karina selwer erzielen, wéi der Famill Schaeffer hiert Liewe sech weider hondlech entwéckelt huet.



Wéi mir ons ausféierlech mam Rhodesian Ridgeback befaasst haten, war ganz séier kloer, dee muss et sinn a soss keen. Op eiser Sich no engem Welpen hu mir sou munch Enttäuschung erlieft an waren deelweis schockéiert. D'Sich no engem sériösen Ziichter war net einfach, mee mat der léiwer Ënnerstetzung vum Lëtzebuerger Rhodesian Ridgeback Club (RRCL) hu mir den Ziichter an Vétérinaire Peter Obschernicat fonnt.

Fir eis war vu vir era kloer, datt mir Ausstellungen mam Mupp besuche wollten an och selwer züchte wollten. Mir züchten no den Oplagen vun der F.C.I. (Fédération Cynologique Internationale) an der F.C.L. (Fédération Cynologique Luxembourgeoise) Mir haten ons direkt an eist Shani verléift a mir hate Gléck, mir kruten et och.



De Ridgeback brauch eng konsequent a feinfilleg Erzéiung. Mat strenger Hand erreecht ee beim Ridgeback näischt.

D'Laika an d'Shani versti sech supergutt a mir sinn all Dag mat hinnen an eise Bëscher ënnerwee. A mam Shani hu mir scho munch flott Stonnen op Ausstellungen verbruecht, wou mir vill Bekanntschaften aus aller Welt gemaach hunn.

Wéi d' Shani al genuch war, hu mir ons op d' Sich no engem gëeegente Ritt gemaach an den Ajani fonnt. Hie leeft zu Fulda mat sengem Frënd Akila, och e Ridgeback.

Den Deckakt war den 23. & 24. August 2011. No laangen dräi Woche konnte mir endlech an den Ultraschall, wou mer bestäetgt kruten, datt d'Shani trächtég war. Do goufe 7 Welpen gezielt. D'Ridgebacken droen 63 Deeg a genau um Datum, de 24. Oktober krut d'Shani seng Bébéen, 13 un der Zuel, 10 Meedercher an 3 Jongen.

Säitdeem dréint sech alles ëm eis kleng a grouss Racker. Déi éischt 3-4 Wochen wiessele mir ons all of, dann ass permanent ee bei de Welpen, och nuets. No ongeféier 2 Wochen fänke mir un déi Kleng bäizefidderen. Well d'Infektiounsgefor am Ufank héich ass, dierfen déi Kleng déi 4 éischt Woche kee Besuch kréien. Duerno komme mat grousser Freed an no laanger Waardezäit d'Welpenelteren op Besuch.

Wann ee sech fir e Ridgeback intresséiert, sollt ee bereet sinn, vill a gäre mam Hond ënnerwee ze sinn, eng sëlliche Sportarten kann ee mam Ridgeback ausüben oder hie begleet ee beim Lafen, Velofueren asw. Et ass en absolute Familljenhond, dee seng Famill beschützt an een dee guer keng Problemer mat Kanner huet.

Info: D'Laika ass de 14. August 2005 gebuer an as den 09. Oktober 2005 bei eis komm.

Dem Shani säi volle Numm ass: Ye Japha Etana Querida Shani (www.angavu-madaha.lu). Et ass den 05.04.2009 gebuer an ass de 6. Juni 2009 bei eis komm.

De Papp vun eise Bébéen ass den Ajani z Piskovcovych Skal (www.ajani.eu)

Österreichischer Champion


VDH - Europasiieger

Deutscher Champion

Champion International de Beauté

Polnischer Champion

Schweizer Schönheits-Champion




Text: Karina Schaeffer a Ren Spautz

Fotoen: Jean-Claude Schaeffer



1 D ag al



11 D eeg al



5 D eeg al



16 D eeg al

K
a
r
i
n
a

Rhodesian Ridgeback Welpen

1 D ag bis 28 D eeg



21 D eeg al



Beim säugen



27 D eeg al



28 D eeg al

S
c
h
a
e
f
f
e
r



Etat Civil 2011 & Info

Naissances:

Heinz Nolan, Fischbach, 02/02/2011
 Carrera Daloso Salma, Fischbach, 03/02/2011
 Faber Chiara, Fischbach, 15/04/2011
 Baptista Guillaume, Koedange, 15/05/2011
 Gomes Teixeira Hugo, Angelsberg, 10/06/2011
 Rodrigues Ferreira Hugo, Angelsberg, 28/06/2011
 Theisen Philip, Schoos, 02/07/2011
 Agnes Lilly, Fischbach, 08/07/2011
 Franck Laura, Schoos, 09/07/2011
 Raffaelli Julia, Angelsberg, 28/07/2011
 Konsbruck Matt, Fischbach, 01/10/2011

Mariages:

Lopes Da Silva Helder-Soares Goncalves Cristiana, Angelsberg, 23/02/2011
 Agnes Marc-Frieseisen Martine, Fischbach, 04/03/2011
 Lanners Serge-Majerus Mireille, Fischbach, 18/03/2011
 Forthoffer René-Lacang Maria, Angelsberg, 28/04/2011
 Chaves Moura Jean-Marc-Zandstra Debby, Angelsberg, 13/05/2011

Décès:

Goossens Pierre Henri, Angelsberg, décédé le 01/03/2011
 Majerus Mill, Schoos, décédé le 01/04/2011
 Scholtus Joseph, Angelsberg, décédé le 17/05/2011
 Kugener Jacques, Angelsberg, décédé le 03/08/2011
 Kolber-Giefer Marie-Renée, Angelsberg, décédée le 16/10/2011
 Princesse De Luxembourg Elisabeth, décédée le 22/11/2011

Administration communale

**1, rue de l'Eglise
L-7430 Fischbach**

Tél : 32 70 84-1 / Fax : 32 70 84-50
 Internet: <http://www.acfischbach.lu>

Secrétaire: Patrick Delmarque

Secrétariat communal: 32 70 84-1
 E-Mail: acfischbach.secretariat@sdscom.lu

Redacteur: Michèle Scholtes

Bureau de la population: 32 70 84-1
 E-Mail: acfischbach.population@sdscom.lu

Receveur: Marlyse Kusnierz-Broers

Recette communale : 32 70 84-30
 E-Mail : acfischbach.recette@sdscom.lu

Ingénieur-Technicien: Romain Beckers

Service technique: Tél: 32 70 84-22
 E-Mail: acfischbach.technique@sdscom.lu

Fonctionnaire: Serge Hoffmann

Téléphone: 32 70 84-40
 E-Mail: acfischbach.artisan@sdscom.lu

Préposé forestier: Olivier Molitor

Service forestier: Tél: 26 32 25 66
 E-Mail: Olivier.Molitor@ef.etat.lu

Heures d'ouverture :

Secrétariat et bureau de la population :

Lundi-Vendredi: 8h30 à 11h30
 Jeudi: 14h00 à 18h00

Recette communale :

Lundi à Vendredi de 8h30 à 11h30

Service technique:

Heures d'ouverture (sur rendez-vous):
 Lundi: 14.00 - 17.00
 Mardi: 8.30 - 11.30
 Jeudi: 8.30 - 11.30 et 14.00 - 17.00

Service forestier:

sur rendez-vous

Pompjees-Ausstellung

Den 11. November hat de Corps vun de Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech de Vernissage vu senger Ausstellung am Veräinshaus op der Héicht.

Et ass déi lescht Manifestatioun am Kader vun den 100 - Joer - Feierlechkeeten.

An enger klenger Usprooch huet de Kommandant Lucien Karier déi gutt Aarbecht vun alle Memberen opgezielt a besonnesch de Roland Miny ernimmt, dee vill Stonnen zesumme mat senger Fra, dem Denise Miny, un de Fotospanneauen geschafft huet.


Och d'Madame Buergermeeschter huet dem Corps fir hir Manifestatioune félicitéiert an dem Corps vill Succès op der Kiermesham zu Schous gewünscht.

Als Ofschloss huet d'Gemeng den Éirewäin offréiert.


Niewent de Fotoen sinn ënner anerem al Helmer a Pompelen vun eis an eisen Nopeschcorpsen ausgestallt, esou wéi al Dokumenter an Uniformen.

Text: Luss Brosius / Fotoen: Gina Hermes





**DE
KLEESCHEN
BEI
DE
KANZER**



D'Gemeng Fëschbech,
d'Redaktioun vum Blat
wënschen all Awunner
schéi Feierdeeg
an e gesond a glécklecht neit Joer